
# d'Peffermillen



De Koschter wor wi ugekënnegt den 23.3.1980 op de Parteikongreß vun der LSAP invitéiert. De finanziellen Erfollég wor außergewéinlech grouß: 52 Nummere goufe verkaf an e puer nei Abonnenten hun sech gemellt. De Koschter hofft, daß deemnächst CSV-, KP-, SdP-, DP- an aner Militanten op hire Kongresser d'Méiglechkeet kréie, "forum" nach besser z'ënnerstëtzen.

Den Dag dono huet de j.lo am L.W. dem Koschter sëng Präsenz nieft där vun "Amnesty International", AFC, Kollektiv Spackelter asw. och sénge Lieser matgedeelt. Dës Eier eleng léist op eng mi entkrampften Haltung vum L.W. vis-à-vis vun onser Zäitschrëft schléissen. De j-lo nennt di vun der LSAP invitéiert Organisatiounen awer "humanitär bzw. ideologisch ausgerichtet". Souvill Eier hat de Koschter nët erwaart. (Daß e nët zu den "ideologisch ausgerichteten Organisationen" gehéiert, wësse sëng Lieser jo scho laang.) Merci.

m.p.

Schon vier Monate vor Beginn der Moskauer Olympischen Spiele bekam "forum" - ohne Anfrage- fast ein Pfund Materialien, als Hintergrundinformation gedacht.
Trotz intensiven Studiums konnten wir keinen Milligramm Antwort auf unseren Afghanistanbrief herauslesen.

S.K.

De Koschter entschëllegt sech - oder vill méi den Drécker -, daß eng Rei Lieser eng Nummer 38 kritt hun, wu e Blat gefeelt huet. Lieser, di nach nët reklaméiert hätten, sollen dat roueg nohuelen, ët si nach e puer Nummeren do, di ganz sin.